N°709
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 709 vum 8. Mee 2024 vum honorablen Députéierten André Bauler an der honorabler Députéiert Carole Hartmann**

Den ILR (Institut Luxembourgeois de Régulation) publizéiert fir all Joer e Rapport mat Statistiken iwwert de Marché vun de Postdéngschtleeschtungen, deen um Internetsite vum ILR kann ofgeruff ginn.

Den aktuellste Rapport[1] ass dee fir d'Joer 2022. Aus deem Rapport geet ervir, datt den Ëmsaz vum Bréifverkéier iwwert déi lescht Jore réckleefeg ass an dee vu Colis-Servicer klëmmt. Dat selwecht gëllt fir de Volume vum Bréifverkéier an de Colis-Servicer.

Den ILR lëscht a sengem Rapport och déi 38 Prestatairen op, déi 2022 am Beräich vun de Postdéngschtleeschtungen zu Lëtzebuerg aktiv waren a stellt fest, datt déi 4 gréisst Prestatairen 2022 86.8% vum Ëmsaz vun de Postdénschtleeschtunge duergestallt hunn.

Luxembourg, le 05/06/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles

[1] https://assets.ilr.lu/postal/Documents/ILRLU-844659154-171.pdf